N°4511
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Sportministesch weiderzeleeden.

D'Entwécklung vum Äishockey an aner Sportaarten um Äis zu Lëtzebuerg hänkt ënner anerem dovun of, datt genuch modern Infrastrukture fir Trainingen a Kompetitiounen disponibel sinn. Déi aktuell Kapazitéiten si begrenzt, wat et de Veräiner an och den nationale Selektiounen erschwéiert, sech ënner optimale Konditiounen op Concourse virzebereeden.

An dësem Zesummenhang gëtt ëmmer nees d'Iddi opgeworf, eng weider iwwerdeckten Äispist ze schafen, déi dat ganzt Joer iwwer kéint genotzt ginn. Eng esou Infrastruktur an der Regioun Beefort kéint besonnesch dem lokalen Äishockeyveräin zousätzlech Trainingsméiglechkeete bidden an domat och zur weiderer Entwécklung vum Äishockey zu Lëtzebuerg bäidroen.

An deem Kontext géif ech der Madamm Ministesch gär follgend Froe stellen:

1. Wéi beurteelt d'Madamm Sportministesch d'Iddi, eng weider iwwerdeckt Äispist, déi dat ganzt Joer iwwer zougänglech ass, zu Lëtzebuerg ze schafen?
2. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt esou eng Infrastruktur e wichtege Bäitrag zur Entwécklung vum Äishockey an och vun aneren Äissportaarten zu Lëtzebuerg kéint leeschten?
3. Goufen et schonn Iwwerleeungen oder Kontakter mam Ministère betreffend de Bau vun esou enger Infrastruktur an der Regioun Mëllerdall, respektiv dem Osten oder dem Norde vum Land oder op engem anere Standuert zu Lëtzebuerg? Falls jo, wéi ass den aktuelle Stand vun dësen Iwwerleeungen?
4. Wéi gesäit d'Madamm Ministesch d'Entwécklung vum Äishockey an aner Sportaarten um Äis zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu